CSV BIISSEN

Den 10. Mäerz 2022 war ëm 17:00 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung. De Conseiller Georges Lucius konnt net perséinlech do sinn, dofir hat hien dem Buergermeeschter eng "Procuration de vote" ginn.

**1) Résolution contre la guerre en Ukraine**

De Gemengerot huet eng Resolutioun géint de Krich an der Ukrain ugeholl. No dëser Resolutioun gëtt festgehalen :

- *de condamner fermement les attaques contre le peuple ukrainien et les violations de l'intégrité territoriale de l'Ukraine ;*
- *d'exiger un arrêt immédiat des hostilités et actes de guerre ;*
- *d'exprimer sa solidarité avec le peuple ukrainien et les collectivités locales en Ukraine ;*
- *de se dire prêt à accueillir des personnes fuyant l'Ukraine selon ses moyens et disponibilités ;*
- *d'appeler le Gouvernement à poursuivre ses efforts pour soutenir les communes qui accueillent des personnes réfugiées ou déplacées.*

D'CSV-Fraktioun huet nogefrot, ob et méiglech ass, a verschiddene Gemengegebaier Flüchtlingen ënnerzebréngen. De Schäfferot wëll och op dëse Wee goen, allerdéngs si verschidde Gebaier an esou engem schlechten Zoustand, datt et net ëmmer méiglech wier.

**2) Allocation de subsides extraordinaires**

a) Opgrond vum Krich an der Ukrain gëtt et eng grouss Flüchtlingswell Richtung West- a Mëtteleuropa. Dofir ënnerstëtzt d'Gemeng d'Associatioun "Kindernothilfe Luxemburg" mat engem Subsid vu 4.000 Euro.
b) Vum 7. bis 11. September 2022 gëtt am « Centre national d'incendie et de secours » (beim Rondpoint Gluck an der Stad) de « World Challenge 2022 » fir d'Pompjeeën aus der ganzer Welt organiséiert. Dës Manifestatioun ënnerstëtzt d'Biisser Gemeng mat 1.000 Euro.

**3) Dénomination de rues et places à Bissen**

D'Plaz mat de Parkplazen hannert der Kierch (Accès via d'Rue de Reckange) hat bis ewell keen Numm. Dës Plaz gëtt elo offiziell « hannert der Kierch » genannt. Elo kann an enger nächster Sitzung d'Parksituatioun fir dës Plaz offiziell reglementéiert ginn.

**4) Approbation du contrat Pacte nature**

D'Biisser Gemeng trëtt dem "Pacte nature" bäi, engem Pakt tëschent dem Staat an de Gemengen am Beräich vum Naturschutz. Mam Kontrakt geet d'Gemeng verschidde Verpflichtungen an a kritt am Géigenzuch Subside vum Staat.

D’Gemeng wäert dofir de Gemengesyndicat SICONA als « Conseiller nature » engagéieren an d’Ëmweltkommissioun (ënner der Présidence vum Joëlle Fagny) iwwerhëlt d’Roll vun der « Equipe Pacte Nature ».

An enger éischter Etapp muss en « Etat des lieux » virgeholl ginn, wat d’Gemeng schonns am Naturschutz leescht, z.B. Zones Natura 2000, Zuel vun de Biotopen, Insektenhoteler, Schutz vu Flantermais, gréng Diecher op de Gemengegebaier, Gréisst vum Gemengebësch, Zertifizéierung vum Gemengebësch, … Gläichzäiteg muss déi künfteg Politik am Naturschutz definéiert ginn.

### 5) Approbation d’un acte notarié

D’Gemeng verkeeft fir 310.060 Euro eng 4,19 Ar grouss Bauplaz am Lotissement “An der Bléi” un d’Koppel Ramovic-Sipkar.

### 6) Approbation d’un compromis de vente

D’Gemeng verkeeft 269,37 Ar Industrieterrain am ZAC « Am Seif » un d’Firma RollingerTEC SA vu Steesel. Den Ar-Präis ass 54.000 Euro. D’Gemeng muss awer nach eng Zoufaartsstrooss bauen, den Terrain am PAG ëmklasséieren a verschidde Kompensatiounsmoossnamen duerchféieren. D’Firma wäert hire Sëtz ewéi och d’Produktioun vun Holzkonstruktiounen op de Rouscht verleeën.

D’CSV-Fraktioun huet ënnerstrach, datt d’Gemeng vrun e puer Joren de Courage hat, fir Terrainen am Seif ze kafen. Nodeems verschidden Aarbechten an Transaktiounen duerch déi verschidde Schäfferéit vun der Gemeng duerchgefouert goufen, erlaabt de Verkaf vun den Terrainen un d’Immobilière Losch, Rotarex a RollingerTec der Gemeng den Ausbau vun der Primärschoul ouni en Euro Schold opzehuelen.

### 7) Morcellement d’un terrain

De Bauterrain op Nummer 50 an der Mierscherstrooss gëtt an 2 Deeler opgespléckt, esou datt hei en Duebelhaus opgeriicht ka ginn.

### 8) Création d’un poste pour les besoins du service technique

Am Service technique gëtt eng zousätzlech Plaz an der B-Carrière geschafen. D’CSV-Fraktioun huet drun erënnert, datt et am Ufank vun der Legislaturperiod 2 Plazen am Service technique gouf an datt et duerch dës zousätzlech Plaz elo 5 (fënnef !) dauerhaft Plazen am Service technique gëtt, natierlech virausgesat, datt se besat sinn.

### 9) Allocation d’une indemnité spéciale

De Chef vum Service technique ass zënter e puer Méint am Krankeschäin. Dofir kritt den Här Luc Scholtes, als säin Ersatz, fir d’Zäit vum 1. September 2021 bis 31. August 2022 eng Indemnité spéciale vun 20 Indexpunkten.

10) **Approbation de plusieurs devis**

**10a) Réaménagement des chemins du cimetière communal**

Fir 200.000 Euro ginn d'Weeër um Kierfecht erneiert. De Buergermeeschter huet fest zougesot, datt d'Aarbechte fir Allerhellegen dëst Joer ofgeschloss solle sinn.

**10b) Déplacement du collecteur pour eaux de superficie dans la Rue des Moulins**

An der Rue de Moulins gëtt fir 100.000 Euro den Iwwerflächenkollekter tëschent d'Haiser 55 a 57 Richtung Atert verluecht. Bis elo huet de Kollekter en anere Verlaf, an dobäi mécht en e Knéck, wat den Oflaf vum Iwwerflächenwaasser stéiert.

**10c) Rehausse de l'école primaire**

Nodeems festgestallt gouf, datt den Daach vun der Primärschoul an engem schlechten Zoustand ass, koum d'Iddi op, fir vun dëser Geleeënheet ze profitéieren an e Stack dropzesetzen. Den Devis beleeft sech elo op 8.279.412,97 Euro, dobäi huet et beim Vote vum Budget nach geheescht, et géif mat 3.200.000 Euro duergoen.

An dësen zousätzleche Stack komme 4 Klasseraim, 2 Säll fir den Appui, eng Konferenz an 2 Bureaux. Et entsteet keng zousätzlech Kapazitéit, well dës Klasseraim kommen an der Annexe ewech, wou zousätzlech Raimlechkeete fir d'Maison Relais amenagéiert ginn. Allerdéngs muss präziséiert ginn, datt den Ëmbau fir d'Maison Relais nach net chiffréiert an deemno och net vum Gemengerot votéiert gouf.

Vu datt et sech ëm eng Holzkonstruktioun handelt, gëtt mat enger Bauzäit vun 8 bis 10 Méint gerechent. D'Aarbechte sollen Ënn 2022 ufänken an de Schoulbetrib soll ouni gréisser Aschränkunge weider fonctionéieren.

**10d) Extension de la Crèche Margréitchen**

Fir d'Gemengecrèche Margréitchen gëtt et eng laang Waardelëscht. Dofir gëtt se elo vergréissert, andeems en hëlzene Container hannert dat aktuellt Gebai derbäikënnt. D'Entrée bleift do, wou se schonns haut ass. Domadder entsteet zousätzlech Plaz fir 53 Kanner.

Kritesch umierke muss een, datt d'Schätzunge vum Schäfferot fir dëse Projet an de leschte Méint richteg explodéiert sinn. Esou waren am Masterplang 1,2 Milliounen Euro, am Budget 1,6 Milliounen Euro an an der Aarbechtssitzung 2,0 Milliounen Euro ugesat. Den Devis war elo schlussendlech 2,5 Milliounen Euro.

De Schäfferot rechent mat enger Fäerdegstellung fir de Mäerz 2023.

11) **Adoption de statuts**

a) D'Statute vum "Capoeira Bissen asbl" goufen ugeholl. Dëse Sportsveräin kritt e Subsid vu 700 Euro.

b) D’asbl “Biissen beweegt sech” krut nei Statuten. Bäi 7 Jo-Stëmmen a 4 Neen-Stëmme gouf dëser asbl de Subsid gestrach, well de Schäfferot der Meenung ass, datt dëse Veräin wéinst der Schafung vun engem eegene Service sport iwwerflësseg wier.